SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

**Objet: Bréif un d'Elteren / représentants légaux am Kader vum Projet Bicycool**

Léif Elteren,

Madamm, Monsieur,

An Zäiten, wou ëmmer méi vu « mobilité douce » geschwat gëtt, de Schoulparking oft iwwerfëllt ass, a vill Leit all Dag Stonnen am Stau verbréngen, ass et wichteg, datt mir déi kommend Generatioun fit fir de Vëlo maachen, fir datt si als Erwuessener de Vëlo als ekologescht a gesond Fortbeweegungsmëttel notze kënnen. Am Kader vum Projet *„Bicycool : Mat Freed a Sécherheet Vëlo fueren“* kënnt d'Ekipp vum SCRIPT bei Äert Kand an d'Schoul fir Geschécklechtkeetsübungen, Spiller an e flotten Hindernissparcours, ugepasst un den Alter vun Ärem Kand, mam Vëlo, ze maachen.

Deen Dag brauchen d'Kanner Folgendes:

- hire Vëlo: mir bieden Iech de Vëlo zesumme mat Ärem Kand ze kontrolléieren a falls néideg reparéieren ze loossen. Dir kritt duefir vum Enseignant en Ziedel mat deene wichtegste Punkten, déi ze kontrolléiere sinn;
- hiren Helm: probéiert deen doheem nach emol un, datt e richteg um Kapp sëtzt (ouni Helm dierfen d'Kanner aus Sécherheetsgrënn net matmaachen, e puer Helmer kënne mir zur Verfügung stellen). Mir encouragéieren Iech de Clip *Nie ohne Helm. Risiko raus!* unzekucken https://www.youtube.com/watch?v=w4TqyY3fQYM;
- dem Wieder ugepasste Kleeder (bei Reen eng Reejackett virgesinn) a keng Kleeder, déi sech iergendwéi an der Ketten oder an de Rieder verfänken kënnen (Jupe, Schal, laang Jackett..);
- fest Schong mat rutschfeste Suelen (op kee Fall Sandalen).

Am Fall wou Ärt Kand kee Vëlo huet oder sech net traut matzemaachen, sot dem Enseignant mat Zäit Bescheed, da versiche mir zesummen eng Léisung ze fannen. Et geet bei dem Projet ëm d'Freed um Vëlosfueren an der Beweegung, an do soll kee Kand ausgeschloss ginn.

Mat beschte Greiss,

Luc Weis

Direkter

eduPôle Innovation et Politique
33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg

Tél : (+352) 247-85187 / -85171 / -85260
secretariat@script.lu www.script.lu
Boîte postale L-2926 Luxembourg